

Wann d' Leit matspillen

„Kurklinik Glottertal“, gelt, dat seet äis nët vill. Mä hieft een Ament Gedold. 'T as nach nët sou ganz laang hier, du sin ech mol duurch de Schwarzwald op heem zou kutschéiert. 'T war kuurz no den Ouschteren, 't loug nach eng Grätz Schnéi, mä an der Loft loug scho Fréijor. Jee, 't war e Sonndegmuere mat bloem Himmel iwwert de Bëscher an den Häng wéi äus dem Billerbuch. Ech sin op Niwestroosse gefuer, 't war nët vill ënnerwee, 't huet een d'Géigend genoss.

Bis op eemol! Wéi äus dem Buedem gestouss, hun hannert enger Kéier, ouni datt ee se vu wäitem gesinn hätt, eng gutt zweehonnert Autoen an e puer Busse gehalen; laanscht d'Strooss, op enger Wiss, a Flouerweër ran. An d'Leit äus den Autoe gesouch ee wéi an enger Prëssioun laanscht eng Baach op e Gebai zou pilgeren, dat mat séngem rouden Daach eng fënnhonnert Meter méi wäit beim Bësch loug. E Schëld huet eng „Kurklinik Glottertal“ verroden.

Wat war do lass? Ech hat Zäit a si matspadséiert. Dee rouden Daach as mer vum éischten Ablack un iirgendwéi kënneg virkomm, a wéi ech d'Gebai ganz gesouch, du as mer d'Spächerlicht grouss opgaangen.

D'Leit – 't waren der alt e puer mat Krätchen drënner – si respektvoll ronderëm d'Klinik getrëppelt an hu mam Fanger op d'Schrëft gewisen, déi iwwert der Entrée stoung: „Schwarzwaldklinik“. Wann ee genee gekuckt huet, da gesouch een, datt d'Schrëft op eng Unalits-Plack gepecht war, déi d'Leit vum Film mat Dübelen iwver d'Viischtdir geprafft haten.

D'Leit si stoebliwwen, wéi wa gläich e gewëssenen Dokter Brinckmann oder eng Schwëster Christa misst räuskommen an de Kaffi zerveieren. Natierlech as näischt sou passéiert, 't war jo eng richtig Klinik am Glottertal, a fir d'Filmserie war déi Klinik just vu bäussen ze gebräuchen. Well d'Zeenen dobanne sin an engem Berliner Studio gedréit gin, dat hat ech zoufällg gelies. Mä sot de Leit sou eppes! Dir klaunt hinne just e puer Illusiounen.

Schéin Illusiounen? 'T kënnen och geféierlecher sin. Ech kennen e Lëtzeburger, deen an den achzeger Joren am Film „Déi Zwéi vum Bierg“ matgespillt huet. Hie selwer hat de Film wuel a Fortsetzongen um „Hei elei“ gesinn, mä wéi de ganze Film Méint méi



spéit iwver Land an och um Nopeschduerf gewise gouf, du as hien en duer nach eng Kéier beienee kucke gaang.

'T gouf natierlech eng Paus gemaach, an dat Gefill, wat eisen Acteur do beschlach huet, dat koum no der Virstellung eng zweete Kéier a fäuschtendéck erëm. D'Leit hun hie bekuckt, se hu mateneegepëspert, heemlech mam Fanger op hie gewisen, an du, bäussent dem Sall, hu s'e grouse Bou ronderëm hie gemaach.

Firwat? Mä hien huet am Film e „Gestapo“ gespilt, deen e Lëtzeburger Jong am Grënnesche Prisong op d'Schnëss geschlon a gefoltert huet. A sou e Fatzbeidel huet sech lo och nach ënnert d'Leit an de Kino getraut!

*

Äus deemselwechte Lieder, wann och eng Grätz méi lëschtg, as dës Anekdot geschneiden.

S'as bei den Dréiarbechte vum deemselwechte Film, „Déi Zwéi vum Bierg“, iirgendanzwousch am Réidener Kanton passéiert. De ganze Mueren an iwver Mëtteg wech war gedréit gin, a géint zwou Auer gouf endlech eng Paus gemaach.

'T war Summer an eng Hëtzt, 't wieren der zwou gin. D'Acteuren, „Lëtzeburger“ a „Preisen“, mat an ouni Uniformen, hun de kille Schiet an de kille Béier vum engem killen Duerfcafé opgesicht, an de Würt a séng Fra hun nëmme sou erbäigeschleeft. Dat mat de Verkleedonge war an der Rei, d'ganz Duerf wouss jo, datt bei hinne gedréit géif, an d'Duerf huet jo och iirgendwéi matgespillt.

Just een, een Eenzege schéngt vum näischt gewouss ze hun. Deen houng bei der Téik an huet sech un enger Klensch an enger Uge-maachtener ugepaakt. 'T war och nët séng éischt Koppel, dat huet een him ofgesinn. En huet mat kengem Mënsch geschwat, mä stänneg a säi Béier gegrommelt. An all gutt Minutt huet e sech um Hocker sou haalwer ëmgedréit an op ee vun den Dëscher gestuurkt, wou e puer Film-Preise sech e Gutts ugedon hun.

An ee vun deenen hat dem Mann um Cômptoir ët besonnesch ugedon.

De Foxe Fern (ech mengen en huet näischt dergéint, wann ech dat hei verzielen). De Fern war jo dee klengen, aarmséiligen „Ortsgruppenleiter“ am Film, an en hat och déi Uniform un. An de Brassard mam Hakekräiz um lénksen Aarm as natierlech besonnesch opgefall.

De Mann um Barhocker huet d'Welt nët méi verstanen. Duurch en historeschen Niwwele huet en do eppes gesinn, dat konnt et nët gin! Vun Zäit zu Zäit as e sech mat der Hand iwver d'ganzt Gesicht gefuer, en huet sech d'Ae geriwwen, mä d'Bild blouf. En huet alt nees gegrommelt an alt nees riwwergekuckt, mä do souz kee klenge grénge Männchen, do souz e klenge Gielemännchen!

Den Acteure gouf op eemol kloer, wat mam Mann lass wir, an alles war gespaant, wat lo geschéich. An du geschouch eppes. De Vollert huet fir d'éischt versicht, virsiichteg d'Téik lasszeloossen. Du huet en an e puer Etappe versicht vum Hocker ze klammen. Du huet e versicht, fräihänneg e puer Schrëck an d'Stuff an op de Fern lass ze man. Du huet e versicht ze schwätzen, mä dat war dee gréisste Problem. An de Fern huet him matzen an d'Gesicht gekuckt. Deem war ët nët grad eendunn, well deen Ugemachtenen huet op d'mannst zwéin Zenner Schluechtgewicht op d'Wo bruecht.

Déi zwéin Zenner bloufen du ston; se hu just e wéineg hin an hier geschaukelt. Déi zwee Ae goufe ganz kleng, an en äusgestreckten Aarm an e Fanger mat engem Heftplooschter ronderëm, war op den „Ortsgruppenleiter“ geriicht.

De Mann krut du no dräi Uleef zwee Wierder räus; nëmmen zwee, mä déi souzen. „Du vreckt!“ , sot en zum Fern. An as getrëppelt. Virun d'Dir. Do war ët fir hien nees véierzeg Joer méi spéit. Ob e bezuelt hat, weess ech nët.

„Uff!“ , sot do bannen de Fern.

jpsy braun